A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## Kapitel 4

# Léisungen **Kapitel 4**

## *Kleeder an Accessoiren* **Säit 56-57**

1. *Kuckt d'Fotoen. Lauschtert a liest d'Texter. Wat fir en Text passt bei wat fir eng Foto? Nummeréiert d'Fotoen.* *66*






























# Léisungen Kapitel 4

## *Kleeder an Accessoiren* Säit 56


2. *Lauschtert nach eng Kéier. Wat fir Kleeder ernimme si? Kräizt un a kontrolléiert an den Texter.* *67-76*

| | 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 | 9 | 10 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Anorak | | | | | | | | | | X |
| Bermudashort | | | | | | | | X | | |
| Box | | | | | | | | | | X |
| Foulard | | | X | | | | | | | |
| Hiem | | X | | | | X | | | | |
| Jackett | | X | | | | | X | | | |
| Jeansbox | | | | | | X | | | | |
| Joggingsbox | | | | | X | | | | | |
| Kleed | | | X | | | | | | | |
| Kostüm | | | | X | | | | | | |
| Krawatt | | | | X | | | | | | |
| Mantel | | | | | | | | | X | |
| Mutz | | | | | | | | | | X |
| Pullover | | X | | | | | | | | |
| Rack | | | | | | | X | | | |
| Salopett | | X | | | | | | | | |
| Schal | | | | | | | | | X | |
| Stiwwelen | | | | | | | | | X | |
| Strëmp | | | | | | | | | | X |
| Tailleur | X | | | | | | | | | |
| Tallekeschong | X | | | | | | | | | |
| Top | | | | | X | | | | | |
| T-Shirt | | | | | | | | X | | |
| Turnschlappen | | | | | X | | | | | |


# Léisungen Kapitel 4
## *Kleeder an Accessoiren* Säit 58

*3. D'Famill Weiland geet shoppen. Wat kafe si?*
*Schreift d'Zuel vum Saz hannert d'Wierder, déi Dir héiert.* *77*

### Gezei an Accessoiren




Jackett 10 | Sandalen 1 | Schlappen 7 | Kap 3 | Strëmp 8



Ënnerwäsch 5 | Rimm 6 | Posch 4 | Nuetshiem 9 | Gilet 2

### Musteren




getëppelt 10 | gesträift 8 | karéiert 3 | geblummelecht 9 | unis 5

### Materialien




Lieder 6/1 | Plastik 4 | Woll 7 | Kotteng 9/2 | Seid 5

### Faarwen



blo 3 | rout 3 | giel 8 | gréng 3 | orange 4 | brong 1



mof 7 | gro 8 | wäiss 5 | schwaarz 2 | beige 10 | rosa 9

# Léisungen Kapitel 4

## *Kleeder an Accessoiren* Säit 59

*5. Liest d'Sätz. Ënnersträicht d'Faarwen. Wat fält Iech op? Markéiert den Ënnerscheed.*

Mäin Anorak ass blo. - Ech doe mäi blo**en** Anorak un.

Meng Blus ass gréng. - Ech doe meng gréng Blus un.

Mäin Hiem ass wäiss. - Ech doe mäi wäiss**t** Hiem un.

Meng Schong si schwaarz. - Ech doe meng schwaarz Schong un.

*6. Liest d'Deklinatiounsgedicht. Schreift zu zwee an zwee och esou e Gedicht mat anere Faarwen a Kleedungsstécker.*

*Zum Beispill:*

**Eng gro Joggingsbox,**
**rout Turnschlappen,**
**an e wäissen Top.**
**Dat ass tipptopp!**

*7. Liest den Text a féllt d'Endungen aus. Liest den Text duerno haart vir.*

Am Wanter doe mir gär eng waarm Mutz an e waarm**e** Schal un. Mir hunn och waarm Händschen an e waarm**e** Mantel un. Mir doe waarm Strëmp a waarm Schong un. Natierlech däerfen och e waarm**e** Pullover an eng waarm Box net feelen. E waarm**t** Hiem aus Flanell ass gutt, a fir ze schlofen, doe mer e waarm**e** Pyjama un.

Am Summer hu mir léiwer liicht Kleeder. D'Männer doen eng liicht Box oder e liicht**e** Short aus Kotteng un, d'Fraen hu gär e liicht**e** Rack oder eng liicht Jupe un. Och e liich**t** Hiem oder e liicht**en** T-Shirt ass praktesch. Natierlech hu mir och eng liicht Blus an eiser Garderobe. E Puer liicht Sandalen ouni Strëmp, a wann et ganz waarm ass, einfach eng Schwammbox oder e Maillot!

# Léisungen Kapitel 4

## *Invitatioune mat Dresscode* Säit 60-61

### *2. Wat sollen d'Leit undoen? Schreift d'Sätz fäerdeg a vergläicht se mat Ärem Noper.*

*Zum Beispill:*

Fir op d'Poolparty sollen d'Leit eppes Liichtes, Summerleches undoen: e Maillot, eng Schwammbox, e liichte Rack ...

Fir op d'Hochzäit sollen d'Leit eppes Schickes, Elegantes undoen: e Kostüm, e Cocktailskleed, e laange Rack ...

Fir op d'Après-Schi-Party sollen d'Leit eppes Waarmes, Bequeemes undoen: eng Mutz, e waarme Pullover, e Schal ...

### *4. Dir sidd op eng vun deenen dräi Partyen invitéiert. Diskutéiert mat Ärem Noper / Ärer Nopesch, wat Dir undoe sollt.*

*Zum Beispill:*

- Kuck, ech sinn op eng Poolparty invitéiert. Wat soll ech undoen?
- *Du kanns däin neie Maillot an däi flotte Buedmantel undoen.*

- Kuck, ech sinn op eng Hochzäit invitéiert. Ech hu kee Kleed. Soll ech e kuerzt oder e laangt kafen?
- **Ech fannen e laangt Kleed méi schick.**

- Kuck, ech sinn op eng Après-Schi-Party invitéiert. Wat passt bei meng blo Mutz?
- **Däi groe Pullover an däi gesträifte Schal.**

### *5. Lauschtert d'Dialoger. Notéiert d'Kleedungsstécker a sot, wéi se sinn.* *78-80*

**Francine**
Rack: komesch, kuerz, blo
Schong: brong

**Caroline**
Bikini: giel, nei
Sandalen: wäiss

**Marc**
Hiem: karéiert, net waarm
Pullover: déck, aus Woll
Jeans: schwaarz

### *6. Beschreift déi dräi Persounen. Wat fir eng Persoun ass op wat fir engem Fest?*

D'Francine huet e kuerzen, bloe Rack a brong Schong un.
Hatt ass op der Hochzäit.

D'Caroline huet e giele Bikini a wäiss Sandalen un. Hatt ass op der Poolparty.

De Marc huet eng schwaarz Jeans an e Pullover aus Woll un.
Hien ass op der Après-Schi-Party.

# Léisungen Kapitel 4

## *Am Kleederbuttek* Säit 62

*1. Lauschtert den Dialog. Ass dat richteg (R) oder falsch (F)? Kräizt un.* 81

| R | F | |
|---|---|---|
| ☐ | ☒ | 1. De Mann huet keng schwaarz Box. |
| ☐ | ☒ | 2. D'Fra huet faarweg T-Shirte gär. |
| ☐ | ☒ | 3. De Mann huet léiwer dee faarwegen T-Shirt wéi dat wäisst Hiem. |
| ☒ | ☐ | 4. De Mann fënnt déi kuerz Jupe méi flott wéi dee laange Rack. |
| ☒ | ☐ | 5. De Mann an d'Fra ginn an de Buttek kucken. |


## *D'Ausgesinn* Säit 63

*1. Kuckt d'Illustratiounen a liest d'Wierder. Lauschtert d'Beschreiwunge vun de Persounen. Wat fir Adjektiver passe bei d'Fra a wat fir eng bei de Mann? Maacht e Feil.* 82

d'Gesiicht,
d'A / d'Aen,
d'Wimperen,
d'Lëpsen,
de Kënn,
den Hals,
d'Hand / d'Hänn,
de Fanger / d'Fangeren,
de Fangernol / d'Fangerneel,
d'Taille



blond
brong
gekrauselt
geschminkt
glat
grouss
kleng
korpulent
kuerz
laang
schlank
tätowéiert



d'Hoer,
d'Nues,
de Mond,
d'Ouer / d'Oueren,
de Bak / d'Baken,
d'Schëller / d'Schëlleren,
den Aarm / d'Äerm,
de Bauch,
d'Been / d'Been,
de Fouss / d'Féiss.

*2. Wéi ass de Contraire? Kombinéiert.*

| | |
|---|---|
| kleng | laang |
| kuerz | onsympathesch |
| schéin | al |
| jonk | ellen |
| sympathesch | grouss |
| gekrauselt | ongefleegt |
| déck | korpulent |
| gefleegt | eckeg |
| modern | glat |
| ronn | almoudesch |
| schlank | dënn |

# Léisungen **Kapitel 4**

## *D'Ausgesinn* Säit 63

*3. Wéi gesinn déi zwou Persounen aus? Schreift d'Sätz fäerdeg.*

Der Fra hir Ae si blo.
Hir Bee si **laang.**
Hir Hoer si **laang, brong a gekrauselt.**
Hir Nues ass **kleng.**
Hir Figur ass **schlank.**
Hiert Gesiicht **ass geschminkt.**
Hire Brëll **ass eckeg.**
Hire Rack **ass schwaarz.**
Hir Tallekeschong **sinn elegant.**

Dem Mann seng Ae si kleng.
Seng Bee si **kuerz.**
Seng Hoer si **kuerz, glat a brong.**
Seng Nues ass **grouss.**
Säi Bauch ass **déck.**
Säi Gesiicht **ass ronn.**
Säin Hiem **ass karéiert.**
Seng Box **ass blo.**
Seng Turnschlappe **si wäiss.**

## *De Charakter* Säit 64

*2. Liest d'Texter nach eng Kéier an ënnersträicht d'Adjektiver, déi de Charakter beschreiwen.*

**Hues** (...,1963, 1975, 1987, 1999, 2011, ...)

Den Hues ass éierlech a sensibel. Hien huet Konflikter net gär an ass gär doheem bei der Famill oder bei de Kolleegen. Hien huet e grousst Häerz an ass ëmmer hëllefsbereet. En ass awer oft och schei an onsécher.

**Schlaang** (...,1965, 1977, 1989, 2001, 2013, ...)

D'Schlaang ass intelligent an elegant. Si huet gär hir Rou an ass heiansdo awer och e bësse liddereg. Si ass interesséiert u Kultur, Philosophie an ass ëmmer virwëtzeg, fir nei Saache kennenzeléieren.

**Schwäin** (...,1971, 1983, 1995, 2007, 2019, ...)

D'Schwäin ass net gär eleng an invitéiert dofir oft Leit bei sech heem. Et ass ganz generéis an hëllefsbereet an huet vill Frënn. Ouni Motivatioun ass d'Schwäin och emol liddereg.

**Schof / Geess** (...,1967, 1979, 1991, 2003, 2015, ...)

D'Schof ass e Familljemënsch an ass gär doheem. Et ass uerdentlech a pünktlech a probéiert, ëmmer alles gutt ze organiséieren. Et ass och materialistesch a knéckeg a gëtt net gär eppes ewech.

# Léisungen Kapitel 4

## De Charakter Säit 64-65

*4. Liest d'Beschreiwunge vun de Leit. Wat fir eng Charaktereegenschaft passt? Kräizt un.*

1. De Sam seet ëmmer d'Wourecht. — Hien ass ☐ arrogant ☒ éierlech ☐ schei.
2. D'Florence hëlleft gär all Mënsch. — Hatt ass ☒ hëllefsbereet ☐ stuer ☐ uerdentlech.
3. D'Josiane schafft net gär vill. — Hatt ass ☐ fläisseg ☐ nervös ☒ liddereg.
4. Den Alex gëtt net gär Suen aus. — Hien ass ☒ knéckeg ☐ generéis ☐ tolerant.
5. De Philip wëllt ëmmer alles wëssen. — Hien ass ☐ jalous ☐ liddereg ☒ virwëtzeg.
6. D'Nathalie fënnt sech selwer immens schéin. — Hatt ass ☐ langweileg ☒ agebilt ☐ schei.
7. De Yannick ass oft schlecht gelaunt a weist dat och. — Hien ass ☐ sympathesch ☐ generéis ☒ granzeg.
8. D'Sylvie schafft vill, fir seng Ambitiounen ze realiséieren. — Hatt ass ☐ éierlech ☒ éiergäizeg ☐ pünktlech.

*6. Lauschtert den Dialog. D'Nathalie an d'Simone schwätzen iwwert de Schauspiller Claudio Torres. Wat fir Adjektiver benotzt d'Nathalie (N)? A wat fir Adjektiver benotzt d'Simone (S)? Schreift en* N *oder en* S *bei d'Adjektiver.* 84

| | | | |
|---|---|---|---|
| N generéis | S ellen | N flott | S ongefleegt |
| N intelligent | S knéckeg | N muskuléis | N elegant |
| N hëllefsbereet | S egoistesch | S déck | |

## Aussprooch: De Buschtaf <g> Säit 65

*2. Liest a lauschtert d'Wierder. Schreift se an déi richteg Linn.* 86

| | | |
|---|---|---|
| [g] | Gaart, Tiger, Geméis, Frigo, Guichet, Glace | gutt, Regal |
| [ʒ] | Genie, Spigel, Regioun, Gilet, beweegen | Fliger, genial |
| [ɣ] | Kugel, Jugend, Vugel | Dugend |
| [x] | Dag, Vertrag | Lag |
| [k] | Dialog, Katalog, Drog | Grog |
| [ç]/[ʃ] | Deeg, Garage, Mëtteg, bëlleg, fofzeg | Bierg, Zwerg, zeideg |

# Léisungen Kapitel 4

## *E Casting* Säit 66

*1. Lauschert d'Beschreiwung vun de Profiller an notéiert d'Informatiounen an d'Steckbréiwer.* *87*

**Profil vun de Männer:**
Gréisst: 1,70 m
Alter: 18 - 60
Ausgesinn:
südlänneschen Typ
brongen Teint
e Baart oder e Schnauz
donkel a laang Hoer
donkel Aen
net déck
keng Tätowéierungen
Sproochen: Franséisch

**Profil vun de Fraen:**
Gréisst: 1,70 m +
Alter: 25-40
Ausgesinn:
blond Hoer
hell Aen
hellen Teint
Piercingen an Tätowéierungen
Sproochen: Lëtzebuergesch, Englesch, eng skandinavesch Sprooch

*2. Liest a lauschtert d'Interviewen. Wie kënnt a Fro, fir eng Roll am Film ze kréien? Ënnersträicht déi positiv Punkte bei all de Persounen.* *88-90*

**1**

\+ Bonjour, däerf ech Iech e puer Froe stellen?
\- Jo, sécher!
\+ Wéi sidd Dir op d'Iddi komm, fir hei op de Casting ze kommen?
\- Meng Kanner hu gemengt, ech géing gutt an de Profil passen. Ech sinn Italieener, ech hunn däischter Hoer an e schéine brongen Teint. Mäi Baart a mäi Schnauz sinn zwar schonn e bësse gro, mä ech mengen, dat ass kee Problem. A jo, an ech sinn natierlech net tätowéiert!
\+ Jo, Äert Ausgesi passt perfekt! Ech wënschen Iech vill Gléck!

**2**

\+ Moien! Wéi geet et?
\- Moien! Mir geet et gutt, merci! Mä ech sinn e bëssen opgereegt!
\+ A sou? Bass de nervös wéinst dem Casting?
\- Jo! Ech wëll Schauspiller ginn an dat hei ass eng super Chance! Mä meng Hoer sinn ze hell an ech hu kee Baart a kee Schnauz. Mä d'Hoer kann ee jo fierwen an de Baart oppechen. Ech hu wierklech vill Talent!

**3**

\+ Moien, dir sidd bestëmmt och wéinst dem Casting hei!
-* Jo, natierlech!
\+ Hutt dir eng Chance, fir eng Roll ze kréien? Wat mengt dir?
\- Jo, natierlech! Eis Gréisst, eis Hoerfaarf an eis Hautfaarf passen tipptopp an de Profil. An ech hunn ausserdeem eng grouss Tätowéierung um Réck an och vill Piercingen. Meng Schwëster huet do e ganz anere Stil.
* Jo, mä d'Tätowéierungen an d'Piercinge si jo och keng Obligatioun. Ech fannen, ech hunn alles, fir e Superstar ze ginn.
\+ Jo, de Sonnebrëll hues de jo schonn!

# Léisungen Kapitel 4

## *E Casting* Säit 67

*4. Liest a fëllt den Text fäerdeg aus. Kuckt an der Tabell, fir dee richtege Possessivartikel ze fannen.*

1. Den Här Carvelho ass super! Genee dat siche mir! **Säin** Ausgesinn ass perfekt fir de Film. **Seng** Hautfaarf, **seng** Hoerfaarf, **säin** Accent, alles passt!

Här Carvelho, villmools Merci, datt Dir bei eisem Casting matgemaach hutt. **Aërt** Ausgesinn passt perfekt an Är Presentatioun war gutt. Dir kritt eng Roll!

2. Hien huet Talent, mä hie passt net an de Profil: **Seng** Hoer a **seng** Haut sinn ze hell. Hien ass jo och just hallef Portugis, **säi** Papp ass Portugis, mä **seng** Mamm ass Lëtzebuergin. Hien huet uechtzéng Joer, mä hie gesäit nach méi jonk aus. **Säi** Gesiicht ouni Baart a Schnauz wierkt net erwuessen.

Daniel, et deet eis immens leed, mä du kriss leider keng Roll am Film. **Deng** Presentatioun war gutt, mä **däin** Ausgesi passt leider net an de Profil.

3. Déi zwou Schwëstere si ganz interessant. Si hunn eng gutt Presenz op der Bün, si si flott a passen an de Profil : Si si grouss, **hir** Haut ass hell an **hir** Hoer si blond. Mä wie vun deenen zwee solle mir huelen? Kommt, mir schwätzen nach eng Kéier mat hinnen!

Moie Sarah, Moie Martha! Mir si ganz interesséiert, awer nach net decidéiert. Wie vun iech zwee solle mir huelen?

Sarah: Ech si ganz interesséiert a motivéiert, fir beim Film matzemaachen. Ech mengen, **meng** Presentatioun war gutt an ech ka gutt an engem Team schaffen. A **meng** Tätowéierunge si jo e Virdeel.

Martha: **Meng** Schwëster ass keng Schauspillerin! Ech awer! **Meng** Presentatioun war perfekt a **mäin** Ausgesinn ass och perfekt. Tätowéierungen a Piercinge kann ee jo nomaachen. Awer wannechgelift keng richteg!

## *Um rouden Teppech* Säit 68

*2. Kommentéiert zu zwee d'Leit op de Biller 3 (Top) a 6 (Flop). Schreift e klengen Text wéi bei de Biller 1-2-4-5 a liest en haart vir.*

*Zum Beispill:*

Kuck emol de Paolo Visacce. Hien ass esou elegant. Säi flotte bloe Kostüm ass immens modern a schick. Seng schwaarz Schong passe super dobäi a seng gréng Krawatt ass einfach top. An hien ass esou schlank! Hie geet sécher all Dag an de Fitness.

Wéi ass d'Lola Lamberty dann ugedoen? Kuck emol dee schrecklech geblummelechte Rack! Bon, d'Faarwe passe bei d'Hoerfaarf, mee schéin ass dat net. De Rack ass och vill ze laang. Giel Schong sinn och net immens modern, an déi gréng Posch ass wierklech guer net schéin!